



Ausnamsweis war d'Gemengerotssitzung vum 9. November 2023 net am Festsall vum Veräinshaus, mee am ale Sitzungssall op der Gemeng.

1. Plan d'aménagement du forêt communal 2024-2033

Den Här Marc Schmit vum Arrondissement Centre-Ouest vun der Natur- a Forstverwaltung huet en Iwwerbléck zum Zoustand vum Biisser Bësch ginn. Fir déi nächst 10 Jore gëtt et folgend Erausforderungen :

- Déi al Bestänn kënnen relativ wéineg exploitéiert ginn.
- Et gëtt relativ vill jonk Bestänn (duerch d'Stiern an den 80er an an den 90er Joren). An de méi jonke Bestänn sinn normal Duerchforstungen (deelweis fir d'éischte Kéier) méiglech.

2. Plan de gestion du forêt pour l'exercice 2024

De Forstplang fir d'Joer 2024 (présentéiert vun eisem Fierschter) gesäit Ausgabe vu 428.490 Euro an Einnahme vun 171.554 Euro vir, deemno e geplangten Defizit vun 256.936 Euro. Am meeschte soll an de Bëschlage Véiereck a Kehlergronn gehae ginn.

3. Fixation du prix du bois de chauffage

De Präis fir Kouerte geet ab dem nächste Joer vun 156 Euro op 200 Euro (ouni TVA) erop. All Stot kann héchstens 2 Kouerte bestellen. Gläichzäiteg gëtt e Moratoire vu 4 Joer (bis 2028 abegraff) fir d'Laangholz ausgeschwat, d.h. et gëtt während 4 Jore kee Laangholz verkaaft.

4. Plan de mobilité pour les zones artisanales et commerciales

De Bureau Schroeder & Associés huet d'Aarbechte presentéiert, déi si bis elo am Kader vum Opstelle vun engem Mobilitéitsplang fir déi Biisser Handwierker- an Industriezone realiséiert hunn. Dozou zielen Interviewen a Questionnairë mat den Entrepreneuren an Entrevuë mam Wirtschafts- a mam Mobilitéitsministère. Am Fréijoer vun dësem Joer gouf e Business Club vun de Biisser Betriber gegrënnt.

5. Nomination des membres aux commissions consultatives

De Schäfferot war iwwerrascht, datt esou vill Matbierger un engem Matschaffen an de Gemengekommissiounen intresséiert waren. Dofir gouf d'Gréisst vun de meeschte Gemengekommissiounen vun 9 op 11 Memberen erweidert.

D'CSV-Fraktioun huet bedauert, datt et keng Aarbechtssitzung gouf, fir zesummen den Tri an de Kandidaturen ze maachen, esou wéi dat viru 6 Joer de Fall war. Och fällt negativ op, datt dëst Kéier d'Oppositioun keng eenzeg Présidence vun enger Gemengekommissioun krut. Dofir huet d'CSV-Fraktioun géint déi proposéiert Lëscht gestëmmt.

6. Création de deux postes de salariés non-qualifiés à tâche manuelle

Ewéi an der Schäfferotssitzung ugekënnegt, gëtt e Service événementiel am Gemengeatelier agesat. Dofir ginn an enger éischter Phase mol 2 Aarbechterplazen ausgeschriwwen.

7. Déclassement d'une parcelle de terrain

Um Eck vun der Hondsgaass a vum Wobierg gëtt d'Parzell 961/3366 aus dem "domaine communal public" an den "domaine communal privé" ëmklasséiert, well d'Gemeng do en Terrain mat engem Privatpropriétaire tauscht.

8. Lotissement de deux terrains

Déi 2 Industrieterraine 468/5125 a 469/5132 am Seif ginn op Ufro vu RollingerTec an eng Parzell fusionéiert.

9. Approbation de plusieurs compromis

Fir de Bau vun enger neier Strooss am Seif tauscht d'Gemeng eng Rëtsch Terraine mat der Luxlait.

Zum Präis vun 950.000 Euro keeft d'Gemeng d'Wunnhaus mat Terrain (5,09 Ar) op 2 rue des Moulins. Heiduerch kann den Trottoir méi breet gemaach an esou de Wee tëschent der Schoul an der Maison Relais méi sécher ginn.

10. Approbation de crédits supplémentaires

Zur Finanzéierung vun dësem Hauskaf ewéi och vun e puer Rechnungen iwwer d'"Strategische Umweltprüfung" am Kader vum PAG ginn 991.787,84 Euro vum Budgetsartikel fir de Bau vum Gemengenatelier ewechgeholl. De Bau vum neie Gemengenatelier an der ZAC Klengbusbiërg kritt nämlech Retard.

11. Autorisation d'ester en justice

D'Gemeng hält den Ëmweltministère op d'Gericht, well et gëtt eng Divergence de vues, ob eng PAG-Ännerung am Joer 2008 korrekt ofgeschloss gouf oder net. D'Gemeng wëll nämlech op enger Parzell um Maart eng Bëschcrèche bauen. Den Ëmweltministère ass der Meenung, datt dës Parzell an enger Gréngzone leit, wougéint d'Gemeng der Meenung ass, datt dës Parzell schonns 2008 aus der Gréngzone fir de geplante Bau vun enger Hal fir Holzhackschnitzel erausgeholl gouf.

12. Approbation d'un acte notarié

Mam Bauhär vum Appartementshaus « Um Adamseck » ginn eng Rëtsch Parzelle getauscht, fir datt den Trottoir méi breet herno ass.

13. Approbation de plusieurs règlements de circulation

Vum 27. November 2023 gëtt am Opdrag vun der POST a vun der Creos sukzessiv an de Stroossen « Rue de la Chapelle », « Rue du Nord » a « Rue des Jardins » geschafft. Dat wäert natierlech Auswierkungen op den Trafic hunn. Et gëllt sech hei un d'Schëlde ze halen. An dësem Kontext huet d'CSV-Fraktioun de Schäfferot opgefuerdert, d'Distanz tëschent de Stroosseluuchten ze kontrolléieren an eventuell däischter Ecker duerch zousätzlech Stroosseluuchte besser belichten ze loossen.

14. Avis relatif à des dossiers de candidature pour un droit de superficie

Den 9. Januar 2024 ass ëm 15:00 Auer am Café de place eng ëffentlech Stee vun engem Droit de superficie mat Hal an der ZAC Klengbusbiërg. Vu datt den Terrain der Gemeng gehéiert, huet de Gemengerot säin Accord ginn, datt déi fënnef Interessenten den 9. Januar un der Stee deelhuelen däerfen.